No Decisioun an USA

"Netzneutralitéit dierf net stierwen!"

De Chaos Computer Club, d'Frënn vun der Ënn an d'Freifunk Lëtzebuerg melle sech an engem Communiqué zu Wuert, well si d'Netzneutralitéit a Gefor gesinn.

Leschten Update: 19.12.2017, 19:27:58

E-Mail schécken

Printen

Recommend 0 Tweet G+ Share

Links

PDF: De ganze Communiqué

RTL.lu - USA: Wat heescht de Schluss vun der "Net-Neutralitéit"?

Themen

Technologie

Tech World

Lëtzebuerg

Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut Gëscht Dës Woch Lescht Woch

1. Zeienopruff: Posch zu Izeg geklaut, wie kennt dëse Mann?
2. Accident fotografiéiert: 250 Euro Geldstrof an 3 Méint Fuerverbuet, deels mat Sursis
3. Elo och zu Käl: Freedefeier-Verbuet op Silvester a verschiddene Gemengen
4. VIDEO: "L'alcool, les drogues et le travail": Guide fir d'Verhalen op der Schaff mat Drogen an Alkohol
5. Weideren déidlechen Accident: Och Foussgänger vun Nidderfeelen stierft u senge Blessuren

Zu Washington gouf et Protester, nodeem hei iwwer d'Ophiewe vun der Netzneutralitéit diskutéiert gouf.
© AFP (Archiv)

Ausgang vun hirem Communiqué ass, wat rezent an den USA geschitt ass. D'Land huet den Drock vun de grousse Multinationalen noginn, fir d'Netzneutralität opzehiewen an eben net all User am Internet d'selwecht ze behandelen, sou heescht et am Communiqué.

Als Beispill huelen déi dräi Organisatiounen eng Autobunn, wou en Auto vun all Mark dierf all Spur benotzen. Dat wier an dësem Fall d'"Netzneutralitéit". Géif déi opgehuewen, dierfte just nach bestëmmte Marken d'Iwwerhuelspur benotzen.

Sollt déi Neutralitéit am Netz opgehuewe ginn, kéint dat bedeiten, datt vill Leit fir vill Servicer, vun E-Maile liesen bis Netflix kucken, extra bezuele missten, esou de Communiqué. Och kleng Entreprisen oder Start-Ups wiere par Rapport vu grousse Konzerner benodeelegt.

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg, d'Frënn vun der Ënn an d'Freifunk Lëtzebuerg hiewen dann och ervir, datt sech d'EU-Kommissioun fir eng Netzneutralitéit an der EU ausgeschwat huet.

PDF: De ganze Communiqué

RTL.lu - USA: Wat heescht de Schluss vun der "Net-Neutralitéit"?